

CORONAVIRUS COVID-19 QUARANTÄN



Dëst Dokument adresséiert sech u Persounen, déi e Kontakt mat héijem Risiko mat enger Persoun haten, déi positiv op den neie Coronavirus (SARS-CoV-2) getest gouf.

WAT DIR AN DER QUARANTÄN MAACHE MUSST

Dir musst lech während 7 Deeg no dem leschte Kontakt mat der infizierter Persoun a Quarantänsetzen, fir esou d'Iwwerdroung vum Virus op Ären Entourage ze limitéieren. Dir selwer kënt während dëser Zäit ustiechend ginn.

D'Quarantän ass eng gesetzlech Obligatioun a gëtt per Ordonnance virgeschriwwen. D'Dauer vun der Quarantän ënnerläit der Bedéngung, datt een ab dem 6. Dag no dem leschte Kontakt en diagnosteschen Test fir de Virus maache léist.

Dir fannt all déi néideg Informatiounen iwwert den neie Coronavirus um Internetsite vun der Regierung:

www.covid19.lu

Sozial a berufflech Distanzéierung (Quarantän)

- Bleift während 7 Deeg no Ärem leschte Kontakt mat der positiv getesteter Persoun doheim. Gitt zum Beispill net op d'Aarbecht, net an d'Apdikt, gitt net akafen... (well d'Symptomer an de meeschte Fäll bannent dëser Zäit optrieden an ee schonn 48 Stonne virun den éischte Symptomer ustiechend ass)
- Evitéiert de Kontakt zu anere Persounen am Haus.
- Observéiert Äre Gesondheitszoustand an d'Optriede vu Symptomer.
- Loost lech 6 Deeg no Ärem leschte Kontakt op COVID-19 an engem selwer gewielte Laboratoire testen. Benotzt dofir d'Ordonnance, déi Dir geschéckt krut.
- Moosst während 7 weideren Deeg zweemol am Dag Är Temperatur an observéiert Äre Gesondheitszoustand. Während dëser Eegen-Iwwerwaachung kënt Dir Ären normalen Aktivitéiten nooen. Respektéiert awer dobäi d'Geste-barrièren.



Wann Dir eleng wunnt

- Loost lech Är Liewensméttel an aner liewenswichtig Producten, wéi Medikamenter, vun der Famill/Frënn/engem Liwwerdéngscht bis virun d'Dier liwweren.



CORONAVIRUS COVID-19 QUARANTÄN

Wann Dir zesumme mat anere Leit an engem Haushalt wunnt.

- Installéiert Iech eleng an enger Kummer, loosst d'Dieren zou, well de Virus ass volatil, an iessst an Är Kummer. Riicht Iech esou an, datt Dir Iech wuel spiert. Evitéiert Visitten a Kontakter a verlosst d'Kummer just wann et néideg ass, an dot an deene Fäll ëmmer eng Mask un a respektéiert d'Geste-barriären.




- Wann Dir keng Méiglechkeet hutt, fir Iech eleng an engem Zëmmer anzeriichten, kontaktéiert eis.
- Wäscht Iech regelméisseg d'Hänn a léift regelméisseg d'Zëmmer.
- Deelt keng perséinlech Haushaltsartikelen, wéi z.B. Wäsch, Glierser, Tassen, Kichegeschier, Dicher oder Bettgezei mat anere Persounen. Nodeems Dir déi Géigestänn benotzt hutt, mussen dës grëndlech mat Waasser a Seef oder an der Wäsch-/Spullmaschinn gewäsch ginn.
- Wann Dir Iech d'Buedzëmmer an d'Toilette mat anere Leit deelt, botzt an desinfizéiert dës no all Benotzung mat engem gängegem Haushaltsdesinfektionsmëttel.



Rotschlo fir Elteren

- Ee Kand ass a Quarantän, dann huet een Elterendeel d'Recht sech mam Kand z'isoléieren an dierf Congé aus familiäre Grënn iwver guichet.lu ufroen.



No der Quarantän: Eegen-Iwwerwaachung

- Observéiert no der Quarantän während 7 weideren Deeg Äre Gesondheitszoustand: moost 2x/Dag Är Temperatur a kontrolléiert Symptomer wéi Houscht, Otemproblemer, Kappwéi, Verloscht vum Geruchssënn an/oder vum Geschmaach oder ongewéinlech Verdauungsproblemer.
- Befollegt weider d'Reegele vun der Hygiène an d'Geste-barriären.

CORONAVIRUS COVID-19 QUARANTÄN



Wa Symptomer optauchen

- Setzt Iech an Eegen-Isolatioun. Kontaktéiert Ären Dokter per Telefon (Teleconsultatioun) a befollegt seng Instruktiounen.



Hännwäschen

- Wäscht Iech reegelméisseg d'Hänn mat Waasser a Seef während op d'mannst 20 Sekonnen. Virun allem virun an nom lessen, nodeems Dir d'Nues gebotzt hutt, nodeems Dir Är Mask ugepaakt hutt, nodeems Dir op d'Toilette gaange sidd an zu all Moment wou Är Hänn siichtbar knaschteg sinn.
- Wa kee Waasser a keng Seef do sinn, a wann Är Hänn net siichtbar kanschteg sinn, dann desinfizéiert Är Hänn mat enger hydro-alkoholescher Solutioun andeems Dir déi gesamt Fläch vun der Hand mam Produit ofdeckt an d'Hänn reift bis se dréche sinn.



Bei Froen, kontaktéiert de Gesondheetsministère: 247-65533.

- Wann Dir Iech un d'Quarantän haalt, schützt Dir Är Famill an Ären Entourage.
- Wann Dir Iech un d'Quarantän haalt, dann drot Dir e groussen Deel am Kampf géint d'Verbreedung vum Virus bäi.
- **D'Anhale vun de Geste-barrièren, während an no der Quarantän, ass ee Schlësselement fir en 2. Confinement z'evitéieren a fir Liewen ze schützen.**

Versioun vum Februar 2021 (2.7)

FIR WEIDER INFORMATIOUNEN:

 [covid19.lu](https://www.covid19.lu)



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG